



N°8246  
Entrée le 22.08.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.08.2023

Question parlementaire retirée (31.08.2023)

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/08/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am Fall vum Doud vun engem:er Schüler:in ass et wichteg, den Hannerbliwwenen Hëllefsméiglechkeeten ze proposéieren. Verschidde Lycéeë ginn dee Moment eng Noriicht un d'Schoulgemeinschaft eraus, fir déi Hëllefeméiglechkeeten z'erklären an unzebidden. Dës Noriicht muss awer am Aklang si mam GDPR an dem Recht op Privatsphär vun der Famill. An engem Fall dee mir zougedroe gouf vum Oktober 2022 war dëst allerdéngs net respektéiert ginn. De Numm vun dem Schüler gouf verëffentlecht an et gouf einfach eng Doudesursaach genannt déi esou net verifizéiert war.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir Virgabe kréien d'Schoulen a Lycéeë vum Educatiounsministère am Fall vum Doud vun engem Schüler, enger Schülerin oder engem Member vum Schoulpersonal?
2. Sinn dës Virgaben obligatoresch ?
3. Ass an dëse Virgabe festgehale wéi eng Detailler zum Doud vum Schüler solle bekannt gemaach ginn?
4. Wéi koum d'Direktioun vum Athenée dozou eng Doudesursaach z'annoncéieren, déi esou, laut den Elteren, net stëmmt? Gouf sech bei der Famill heivir entschëllegt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)